


*Zeichnung: Henri van Daele (aus «Der Maruffel»)*

# Op Liestournée

Ech pake meng Mapp. Meng Bicher. Mäi Material. Eng Landkaart. An d'Heftche mat de Stad- an Duerfpläng. Wann ech méi wäit muss an eng Schoul liese fueren - vun Esch zum Beispill bis an d'Eislek – dann zeechnen ech mer de kierzste Wee op der Landkaart an. Ech wëll mech net onnëtz verfueren an ech wëll jo nëmmen net ze spéit kommen. Keng onnéideg Opreegung virun der Liesung. Keen zevill laang waarden don! Ech hoffen, datt ech d'Schoul gläich fannen. Iwwer Telefon huet eng Mamm aus der Eltereverееnegung, zum Beispill, mer de Wee fir bei d'Schoul beschriwwen. Meeschtens läit d'Schoul bei der Kierch. Ech kann se net verfeelen. Et kann näischt schif goen. Dacks kréien ech och e Stadplang geschéckt. De Wee as drop agezeechent, an d'Schoul ass ugekräizt.

Meeschtens ginn ech vun Elterevereenegungen agelueden. Déi organiséiere Liesungen am Kader vun enger Bicherwoch. An engem Festsall vun der Schoul oder der Gemeng oder an engem Centre Culturel sinn eng Woch laang Bicher ausgestallt. An d'Schoulklassen kënnen d'Bicherausstellung besiche goen an och Bicher op der Plaz kafen oder bestellen. Am Kader vun der Bicherwoch ass meeschtens nach eng Animatioun fir Kanner, eng Kaffisstuff, Theater. D'Elteren hun d'Liesung mat mir a mat aner Kannerbuchauteure virdru mat dem Léierpersonal geplangt. Si hunn e ganze Programm mat Liesungen opgestallt. All Dag kënnt en aneren Auteur. Während enger Woch.

Ech ginn och vu Schoul- oder Kulturcommissiounen a vu Gemengen agelueden. Dacks ass et och eng Privatpersoun, e Schoulmeeschter oder eng Léierin. Oder e Vertrieder/eng Vertriederin aus engem Aarbechtsgroupe an der Schoul, deen sech ëm d'Lieskultur, ëm d'Schoulbibliotéik bekëmmert.

Meeschtens kommen ech méi fréi un, wéi ech gemengt hat. Wann nach äerdeg an de Säll geléiert gëtt, an 't huet nach net fir d'Paus geschellt, a wann sech an de Gäng näischt réiert, da waarden ech a sichen alt op de Schëltercher op oder niewent der Dier den Numm vum Schoulmeeschter oder der Léierin an d'Klass. Wann ech genee zer Zäit ukommen, steet d'Dier vum Klassesall schon op. Ech brauch net laang ze sichen. Am Gank waard da schon e Schüler op mech.

Meeschtens kann ech net waarden, wann ech méi fréi u sinn. Ech klappen. Et kënnt een opmaachen. Si hu schon op mech gewaart. De Kanner hir Still sti schon an engem Hallefkrees oder an U-Form. Déi Kleng, déi doen ech meeschtens op de Buedem op den Teppech sëtzen, da sëtzen ech mech op en niddrege Stull virun se. Oder och op de Buedem. Dann ass mäi Kapp op de Kanner hirer Héischt. An d'Nolauschterer gesinn all gutt, well ech hinnen d'Biller weisen, iwwerdeems ech d'Geschichte virliesen. Heiansdo gesinn déi an der leschter Rei d'Biller net gutt genuch, si protestéieren, «ech och!», da maachen ech den Tour duerch d'Reien, a jiddereen ass zefridden. Wann d'Still nach an der traditioneller Form hannert de Bänke stinn, da muss e bëssche geplënnert ginn. Mir stellen d'Still dann anescht. Et muss nët no 'Léieren' ausgesinn.

Ech stelle mech kuerz vir. Soen, wien ech sinn a wien d'Liesung organiséiert huet. Och wann ech an engem 5. oder an engem 6. Schouljoer sinn, also bei deene méi 'Groussen', liesen ech am Ufank Geschichten, déi fir méi kleng Kanner geduecht sinn. Ech wëll hinnen en Iwwerbléck iwwert déi Kannerbicher ginn, déi ech bis elo geschriwwen hunn. Ech liesen dann e puer Geschichten aus dem 'Zirkus Kopplabunz' oder Gedichter aus 'Op der Rees' vir. Dacks kenne schon e puer Kanner verschidde Gedichter. Entweder kennen si se vun doheem - dat gëlt besonnesch fir 'Op

der Rees' - oder si hun se schon een, zwee oder dräi Joer virdrun an der Klass gelies. Ech maache mer e Spaass draus, beim 'Déirendokter'-Gedicht, de Reim am zweete Vers ewechzeloossen an d'Kanner e soen ze loossen. D'Kanner fannen en ëmmer. Et ginn och Kanner, déi d'ganzt Gedicht mat mir auswenneg opsoen. E schéint Gefill. Oder si froen, kënnt Der dëst oder dát nach virliesen!

Bei deene méi Klengen an der Spillschoul an am 1. Schouljoer versichen ech verschidden Déieregeschichten aus dem Zirkus Kopplabunz z'illustréieren. Dat heescht, d'Kanner sollen zum Beispill mat pantomimesche Bewegungen Spannen nomaachen - mir zéien dann en imaginäre Fuedem aus eisem Spannekapp an zéien eis lues a lues mat eisem Spannebauch an d'Lut ënnert d'Zirkuszelt a loossen eis mam Fuedem op en imaginäre Spaweckstrampolin erof ('E spannend Spill'). Oder mir trëpplen am Sall op dem Kaméil: d'Hänn paken de viischte Bockel un, an de Réck stäipe mer widdert den hënneschte Bockel ('De verkéierte Wee'). Oder mir zappen en imaginäre Pinsel op eng Palett a molen de Päiperleken hir Flilleke faarweg, a jidderee kann eng Faarf soen ('Mol mer e Päiperlek'). Oder mir tauschen d'Hiem an d'Box vun zwee Déieren, wéi beim Zebra an dem Leopard. Zepard. Leobra ('Dem Zebra séng nei Box').

Am 5. oder am 6. Schouljoer liesen ech aus de 'Plogeeschter'. Meeschtens d'Geschicht vum Protekoll op Lëtzebuergesch. An d'Schoklasreklamm. Op engem Panneau weisen ech de Kanner den Text vun der Reklamm, deen d'Pat muss am Radio opsoen. Dat mécht d'Saach méi liicht a méi 'anschaulech'. Och bei der Geschicht vum Papp, dee säi Geheimcode fir de Postomat net verhält, doen ech d'Kanner déi Sätz mat dem agebauten Zuelecode, déi de Bouf sech als Ieselsbréck fir de Papp ausgeduecht hat, op engem Panneau 'entziffe-ren': Et r1 op 3Kinneksdag. D'Ka9chen huet gel8! Oder ech erklären hinnen op der Tafel d'Morse-Alphabet a wéi een et am beschte verhält. Oder weisen hinnen, wéi de Verlan fonktionéiert, well d'Plogeeschter sech um franséische Verlan (à l'en-vers) inspiréieren, fir eng nei lëtzebuerger Geheimsprooch z'erfannen (D'Hanne-vir-Sprooch).

An der Spillschoul, am 1. an am 2. Schouljoer liesen ech meeschtens 45 Minutten. Duerno ginn d'Kanner ongedëlleg. Besonnesch, wann et zwou verschidde Klasse sinn. Da loossen se sech éischter oflenken.

### Schoulausflug

Mir klammen an de Bus Bus Bus  
(Op der Plaz Trapen eropklammen)  
Eis Mamm schéckt eis e Kuss Kuss Kuss  
(Hand widdert de Mond halen an e Kuss schécken)  
Mir sëtzen hannendran dran dran  
(An d'Hippercher goen)  
A schielen eis Banann nann nann  
(Eng Banann schielen)  
De Chauffeur späert nach d'Mall Mall Mall  
(Hand dréinen fir zouzespären)  
Fiert iwwer Bierg an Dall Dall Dall  
(An den Hippercher op an of bewegen)  
Mir sangen all e Lidd Lidd Lidd  
Da gi mer och net midd midd midd  
(Wéi en Dirigent dirigéieren)  
De Chaufeur, dee mécht «Tëff Tëff Tëff»  
Mir soen him: «Da gëff gëff gëff!»  
(Hand ausstrecken)  
Him eng Kéiseschmier  
Mir eng Schoklasschmier  
An en Apel an eng Orange an eng Bir

Am 5. an am 6. Schouljoer sin ech paff, datt d'Opmierksamkeet no 50 Minutten nach net ofhëlt. D'Kanner sinn immens konzentréiert. Obwuel ech heiansdo gewarnt ginn, et wär eng wibbleg Klass, an haut wären s'extra wibbleg, passen s'op wéi Spëtzbouwen a Spëtzmeedercher. Ech mierken dann ëmmer nees, datt d'Kanner gär Geschichte virgelies kréien. Sou vill kréien si der doheem jo net virgelies. Si sinn un d'Biller gewinnt. A wann dann och nach e Kannerbuchauteur selwer hinne virliest, da sinn se nach méi konzentréiert, mengen ech. D'Präsenz vum Auteur spillt do schon eng wichteg Roll. Erliefte Literatur. De Kontakt mam Auteur. Ech si frou, datt d'Kanner nach nolauschtere kënnen, datt se kee Knäppchen am Käppchen hunn, an datt et de séieren Zapping doheem ass, deen se nervös mécht. Hei sin s'all virwëtzeg a gespaant. Wie kritt net gär Geschichte virgelies!?

Dacks, wann d'Zäit et erlaabt, bleiwen ech méi laang wéi eng Stonn. D'Liesung huet ongeféier 50 Minutte gedauert, an duerno kommen d'Kanner mat hire ville Froen. Et kënnt vir, an dat ass onheemlech flott, datt d'Kanner schon den Dag virdru mat der ganzer Klass Froe gesicht hunn, déi se mir da selwer virliesen. E Rapporteur schreift d'Äntwerten dann fir déi aner mat op.

D'Froen, déi gestallt ginn, si ganz ënnerschiddlech. Wéini hutt Dir mat Schreiwen ugefaangen? Wéivill Bicher hutt Dir scho geschriwwen? Schreift Dir nëmmen op Lëtzebuergesch? Wann se froen, firwat nach kee Buch vu mir am Ausland publizéiert gouf, muss ech hinnen erklären, datt d'Bicher op Lëtzebuergesch et schwéier hunn, iwwert d'Grenzen eraus en Editeur ze fannen. Fir d'éischt missten se jo mol iwwersat ginn. Ob ech nët nëmme fir Kanner schreiwen? Dann erzielen ech hinnen, datt ech am Fong mam Cabaret, also mat witzegen, klenge Sketcher, ugefaangen hunn, datt ech och Theater schreiwen oder e Roman geschriwwen hunn, dee vun engem Bouf erzielt, deen 1963 sou al war, wéi si elo. Sou kënnt ee vun engem Thema op dat anert. Wat ass äert Lieblingsbuch? Wéi kriss du deng Iddien? Da schwätzen ech hinnen iwwert méng Karteikäertercher, op déi ech alles opschreiwen, wat mer an de Kapp kënnt. Datt ech jo nëmmen näischt vergiessen. Eng Iddi ass séier verflunn. An dann, wann ech Loscht an Zäit hunn, da kropen ech mer eng Käertchen aus der Karteikëscht, a setze mech derhannert. Heiansdo gëtt et eppes. Heiansdo näischt. «Wéi bei eis!», seet een. Ob ech vill géif schreiwen? Jo, all Dag! Wat? All Dag? Ech muss, fir a Form ze bleiwen. Ech muss all Dag wéinstens zwou bis dräi Stonnen schaffen. Schreiwen ass e flotte Beruff. Ob ee räich mat de Bicher gëtt? Räich nët! Well d'Kanner sech näischt ënner Buchproduktioun an Drockkäschte virstelle kënnen, maachen ech hinnen eng kleng Rechnung, datt ee bei engem Buch pro Joer zu Lëtzebuerg nët

ka räich ginn. Wéi laang brauchs du fir e Buch? Ongeféier e Joer, wann net alt méi. Wat? Ee Joer! Ech erklären hinnen dann de laange Wee vun der Iddi bis zum fäerdege Buch. Datt een e Buch plange muss, datt ee bal e Joer un engem Buch schreift. An datt een duerno säi Manuskript oder Typoskript bei en Editeur schéckt. An datt een da waart a frou ass, wann den Editeur engem endlech urifft oder schreift: jo, dat gefällt mer. Kommt mol laanscht! An datt een dann zesumme mam Editeur e Kontrakt mécht an d'Buch plangt. Den Text an d'Biller kommen an d'Dréckerei. De Layout muss gemeet ginn: dat heescht um Computerschierm gëtt gekuckt, wéi Text a Bild zesummegesat ginn. Eng Aarbecht, déi Gedold an Zäit brauch. Verbesseren. Iwwerliesen. Verbesseren. Kontrolléieren. Watfiren Deckel? Watfiree Pabeier! Watfiree Grammage? Photo oder Bild? E puermol an d'Dréckerei. An datt een dann erliichtert ass, wann dat fäerdegt Buch aus der Dréckerei kënnt. Mee heiandso kënnt et vir, datt den Editeur d'Buch nët maache wëllt. Da bleiwen d'Geschichten am Tirang leien. An et ass een déck sauer, fir net méi ze soen. Hutt Dir scho vill Bicher verkaf? Wat gëtt äert nächst Buch? Si froen, ob d'Schreiwe mer Spaass mécht. Watfiree Buch vu menge Bicher mäi Lieblingsbuch wär? Da soen ech, d'Plogeeschter, well dat mer zu mengem éischte Roman verhollef huet.

**Et ginn och Kanner, déi d'ganzt Gedicht mat mir auswenneg opsoen. E schéint Gefill.**

E puermol schon ass de Michel Demart mat mir op eng Liesung gaangen. Hien huet de Kanner da seng Zeechnungen, seng Skizzen, seng Biller gewisen an erkläert, wéi hien als Illustrateur vun engem Kannerbuch schafft, a wéi e Véier-Faarwe-Buch entsteet. Fir ze weisen, wéi aus der Iddi e fäerdegt Bild entsteet, huet hie säin Aarbechtsgeschir dobäi: säi Bloc mat den Zeecheblieder, seng Bläistëfter, säi Gummi, seng Lomp fir d'Blat vun de Gummiswiermercher ze befreien, seng Pinselen, säin Zeechepabeier, seng Dëppercher mat den Aquarellsfaarwen, säi Glas mam Waasser, seng Palette. D'Kanner kucke mat groussen Aen dem Aquarellist bei der Aarbecht iwwert d'Schëller. Si kënnen dann duerno seng Déieren, seng Figuren nomolen oder ganz einfach eppes aus hirer eegener Phantasi erfannen.

No dem Fro- an Äntwertspill, weisen d'Schoulkanner mir, watfir e Buch se grad amgaang sinn ze liesen. Oder si weise mir de Classeur mat de Geschichten, déi se zesummen an der Klass schreiwen. Et as mer an deem Moment ëm d'Buch nët baang.

Meeschtens muss ech jidderengem nach en Autogramm ginn. Da soen ech hinne Merci. A si soe mir Merci. Ech kéint roueg nach eng Kéier erëmkommen...

**jhemp hoscheit**, 10.8.99



100, rue de Bonnevoie L-1260 Luxembourg Tél. 49 98 82 Fax 49 98 83